

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Voorburg, le 30 mai 2006

### Rapport commun de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech dem Rhythmus vun de Mëtteg dann adaptéieren. Déi zwee Projeten, dat hutt Der gesinn, si jo an engem gemeinsame Rapport écrit behandelt ginn; da wäert ech dat heibannen och esou maachen.

Et handelt sech bei dësen zwee Gesetzesprojeten ëm zwee Accords de réadmission, déi mer hei am Parlament approuvéiere mussen.

Beim 5648 handelt et sech ëm d'Reprise an d'Réadmissioun vu Persounen en situation irrégulière tëschent de Benelux-Staten a Bosnien-Herzegowina. Dësen Accord gouf am Juli 2006 zu Sarajevo ënnerschrwwen.

Beim zweete Projet, dem 5649, do geet et ëm en Accord de réadmission tëschent de Regierung vun de Benelux-Staten an der mazedonescher Regierung, deem am Mee 2006 zu Voorburg an Holland ënnerschrwwen ginn ass.

Den 8. Dezember sinn déi zwee Projeten déposéiert ginn. De Rapport an der Kommissioun hu mer den 12. Februar gemaach. Mir sinn och dat éischt Benelux-Land, wat am Parlament dës zwee Projeten approuvéiert.

Dës zwee Projete schreiwe sech an de Kader vun der Lutte géint déi illegal Immigratioun an. Si sinn och d'Suite vun enger laanger Serie vun esou Accorden, wéi mer der scho vill heibanne beschwat hunn, entweder am Kader vu Benelux - do hu mer der scho 15 heibannen approuvéiert, déi heite sinn also elo de 16. an de 17. - oder am Kader vu Schengen an am Kader vun der Europäescher Unioun, wou mer esou Accords de réadmission och scho gemaach hunn.

D'EU erlaabt awer de Memberlänner bilateral weider esou Accorden ofzeschleissen. Nëmmen am Fall, wou den europäesche Ministerrot der Kommissioun schonn d'Mandat ginn huet, fir en Accord de réadmission ze verhandelen, däerfen d'Länner net méi bilateral esou Accordë maachen.

Hei geet et ëm zwee Accordë mat zwee Länner vum Westbalkan, déi sech am Prozess vun der Stabilisatioun an der Associatioun versichen un d'Europäesch Unioun unzenäheren. An deene Länner besteet e grouse Wëllen, eng euro-atlantesch Unnäherung ze erliewen.

Ech erënneren drun, dass mer um europäesche Plang an zwou Vitessë mat deenen zwee Länner fueren. Mat Mazedonien, oder besser gesot mat där fréierer jugoslawescher Republik vu Mazedonien, wéi se offiziell heescht, do hu mer schonn en ASA, e sougenannten Accord de stabilisation et d'association ënnerschrwwen. An dat Land huet och säit dem Dezember 2005 offiziell de Statut vum Kandidat, fir an d'EU eranzekommen.

Mir waren iwwregens als aussepolitisch Kommissioun virun annerhalleft Joer an deem Land, hunn hir europäesch Kommissioun getraff an haten och do eng ganz gutt

Erfahrung an en Échange mat deene Leit gemaach an och sur place gesinn, dass se vill Effortë maachen, fir sech der europäescher Gesetzgebung ze nähieren.

Bosnien-Herzegowina ass op engem aneren Niveau. Dir wësst, dass et elo zéng Joer hier ass, dass d'Dayton-Accorden ënnereecheent gi sinn. Dat Land huet nach keen ASA mat der EU ofgeschloss.

Déi Accords de réadmission definéieren déi Konditiounen a praktesch Modalitéiten, wéi esou eng Réadmissioun vun de Persoune soll oflafen. Ech ginn net méi weider op de Prinzip an; mir hunn där Accordë wéi vill hei gehat. De Prinzip ass folgenden: All Land, wat esou en Accord ënnereecheent huet, ass verpflichtet, seng Statsbiurger, déi sech illegal ophalen um Territoire vun deem anere Land, dat den Accord ënnerschrwwen huet, erëm opzehuelen.

Dee Prinzip kennt Dir. Ech wollt just nach een Detail soen: Beim Accord mat Bosnien-Herzegowina schwätze mer vu Réadmissioun a Reprise. Si maachen en Ënnerscheid: Wann et sech handelt ëm Statsbiurger vu Bosnien an Herzegowina, schwätze se vu Reprise, a bei Leit aus États tiers geet et ëm Réadmissioun. Bei deem anere Projet gëtt deem Ënnerscheid net gemaach.

De Statsrot huet dës zwee Projete favorabel aviséiert. Ech ginn lech elo hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun a bieten lech datselwecht ze maachen. Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur, fir deem exzellente Rapport fir déi zwee Projeten.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Gesetzesprojet 5648².

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5648 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmmen dann of iwwert de Gesetzesprojet 5649².

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5649 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi den Här Kox déposéiert huet. Här Kox, wëllt Dir d'Wuert nach eng Kéier dozou ergreifen?



## 11. Motion de M. Henri Kox concernant le projet de loi 4985 relatif aux chiens

» **M. Henri Kox** (DÉI GRÉNG) auteur.- Jo, Här President, dann halen ech mech och un de Rhythmus vu virdrun. Et geet ëm d'Motioun, fir de Gesetzesprojet 4985 zrëckzezéien an d'Regierung opzefuerderen, en ze iwwerschaffen an am Sënn vu méi enger grousser Responsabiliséierung vun den Hondshalter auszeschaffen.

Déi Gréng sinn net eleng bei där Aschätzung. Duerch déi Gespréicher an der Chamberskommissioun selwer respektiv mat all den Hondsbesëtzer respektiv Déiereschutzassociatioune stellt sech ganz kloer déiselwecht Meenung ervir.

Ech erënneren och nach eng Kéier un eng Motioun vun der Sozialistescher Partei, nämlech vum Här Zanussi vun 2004, déi an deemselwechte Sënn iwwerluecht huet a gesot huet - an dat ënnerstëtze mer ganz an därselwechter Richtung -: «Un chien n'étant pas méchant par nature, il conviendrait plutôt de légiférer sur son propriétaire.»

Mir mengen an dësem Gesetz ass dat net esou zrëckzefannen. Duerfir sollte mer éischter a Richtung vun enger méi geziilter Opklärung vis-à-vis vun de Propriétaires vun den Hënn goen.

Och menge mer, dass eng Klassifizéierung vu geféierlechen Hënn an net geféierlechen Hënn näischt bréngt, well all wëssenschaftlech Etüden dat a sech widerleeën. Insbesondere déi lescht Interventiuon oder Etüden aus der Schwäiz, déi ganz kloer an déi Richtung ginn, wou ganz kloer bewise gëtt, dass eben e ganz groussen Deel vu Bësswonden net vun deenen Hënn ausginn, mä generell praktesch all Hond do beträff ass.

Och si mer der Meenung, dass insbesondere d'Bëssonfäll misste gemellt ginn, well

nëmmen da kann eng seriö Etüd gemaach ginn iwwert d'Auswirkungen am Zesummenhang mat den Hënn.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Kox. Den Här Mehlen huet nach d'Wuert gefrot.

### Discussion générale

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Här President, mir sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Démarche vun de grénge Kolleegen. Mir sinn eis an eisen Aarbechten an der Kommissioun bis elo eens gewiescht, datt viles an deem Gesetz net esou ass, wéi mir eis et virstellen. Mir haten eng Partie Auditiounen, déi eis zur Erkenntnis gefouert hunn, datt dat, wat den Här Kox hei virgedroen huet, sech ongeféier géif als déi verstänneg Richtung undeiten.

Ech fannen awer, wann e Projet, deem d'Regierung erabréngt, net perfekt ass oder eis net gefält - dat hei ass jo iwwregens déi zweet Versioun, nodeem datt de Statsrot déi éischt zerrappt hat -, da solle mer eis als Chamber awer net ze schued sinn, fir dann derduerch ze goen an dat erauszehuelen, wat eis net gefält, an dat ze änneren, wou mer menge wat sollt geännert ginn.

Mir mengen eis dobaussen domat - an, ech mengen, och net zu Onrecht -, datt mer eng ganz Partie Projeten net esou schlécken, wéi dat ëmmer dobausse gesot gëtt: D'Chamber géif dat alles hei nëmmen esou duerchwénken. Duerfir si mir der Meenung, mir sollen eis ganz intensiv mam Projet auserneesetzen. Mir sinn och der Meenung, datt viles drasteet, wat muss eraus. Gréisstendeels an deem Sënn wéi den Här Kox et hei presentéiert huet.

Mä ech fannen et ass sech et awer vläicht e bëssen ze vill einfach gemaach, fir ze soen: Zéit zrëck a bréngt erëm eppes Neies, wou deelweis souguer Saachen drasti wéi d'Identification électronique des chiens, wat souwisou elo schonn drasteet. Dat ass jiddefalls eis Positioun.

Merci, Här President.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Sou! Mir kommen elo zur Ofstëmmung. Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

### (Négation)

Ech denken net. Ass de Vote électronique gefrot? Ass e gefrot?

### (Assentiment)

Da musst Der mer dat soen.

» **M. Romain Schneider** (LSAP).- Här President!

» **M. le Président**.- Här Schneider?

» **M. Romain Schneider** (LSAP).- Ech wollt och eng Kéier kuerz als LSAP Stellung huelen zum Projet, wou mer inhaltlech mat Sécherheet eng Rei vun dëse Punkte kënnen akzeptéieren. Et gouf schonn zitéiert, datt eng Rei Meenunge vun der LSAP mat eragefloss sinn. Och mir gesinn awer eigentlech, datt mer an enger Procédure de discussion sinn an der Kommissioun, wou all déi Punkten de Moment undiskutéiert ginn a solle virun diskutéiert ginn.

An ech fannen et och richtege, datt mer ëmmer solle légiféréieren an déi dote Prozedur, déi amgang ass, duerchzéien, well et sinn eng Rei aner Saachen dran, déi effektiv och Belaaschtunge fir d'Gemengen duerstellen; wéi derniewent d'Rassentrennung. All déi Saache goufen hei net ugeschwat, also solle mer dat och wierklech eng Kéier an der Kommissioun duerchgoen.

### (Interruptions)

» **M. le Président**.- Den Här Goerens.

» **M. Charles Goerens** (DP).- Här President, ech hunn och d'Gefill gehat, datt mer an der Kommissioun awer eng relativ korrekt Diskussioun haten. An ech sinn och der Meenung, datt déi extrem Standpunkte konnten e bësse méi no beienee bruecht ginn. Déi Écartë si reduzéiert ginn, a mir sinn um richtege Wee. Duerfir, wann déi



Motioun, déi meng Fraktioun och nach net konnt beuerteelen, haut zur Ofstëmmung kënn, misste mer eis bei dëser Motioun enthalen.

» **M. le Président.**- Den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Jo, ech géif mengen, Här President, da gëtt et nëmmen ee Kompromiss: Da kommt, mir ginn d'Motioun an d'Kommissioun.

(*Hilarité*)

» **M. le Président.**- Ech hunn zwar gemengt, ech géif heibannen de Wonsch spieren, dass mer géifen driwwer ofstëmmen. Wann dat de Fall ass - den Auteur, mengen ech, wëllt dat och -, da komme mer elo zum Vote.

Ah pardon! D'Regierung.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech hunn zwar de Mëtteg schonn hei de Finanzminister, den Ausseminister, de Kommunikatiounsminister vertrueden, ech kann net och den Agrarminister vertrieeden.

Ech menge just, datt mer hei och en institutionelle Problem hunn. D'Regierung gëtt duerch groussherzoglechen Arrêté autoriséiert an der Chamber e Projet de loi ze déposéieren. Ech mengen net, datt d'Regierung deen einfach esou zrëckzezéien, nodeem mer en an der Chamber déposéiert hunn, do ass op d'mannst d'Fro erlaabt, ob dat iwwerhaapt geet. An eis Appréciatioun ass, datt dat net an där doter Form méiglech ass. Duerfir géif ech och aus deem Grond d'Chamber bieten, déi Motioun hei net unzehuelen.

D'Chamber huet selbstverständlech d'Recht, de Projet leien ze loossen, net ze stëmmen, ze amendéieren, mä fir e Projet einfach esou zrëckzezéien, nodeem mer en an der Chamber déposéiert hunn, do ass op d'mannst d'Fro erlaabt, ob dat iwwerhaapt geet. An eis Appréciatioun ass, datt dat net an där doter Form méiglech ass. Duerfir géif ech och aus deem Grond d'Chamber bieten, déi Motioun hei net unzehuelen.

» **M. le Président.**- Also, ech mengen zwar, Här Minister, wann Der erlaabt: Et ass ëmmer d'Recht vun der Chamber, fir hei d'Regierung opzefuerderen an ze invitéieren, gewësse Schrëtt ze huelen.

(*Interruption*)

Ech wëll och soen, dass d'Regierung méi oft d'Chamber hei biet e Projet de loi vum Rôle ze sträichen. Voilà! Mä wann hei opgefuerdert gëtt, e Projet zrëckzezéien, dann implizéiert dat selbstverständlech och, dass e vum Rôle soll gestrach ginn. Sou hunn ech op jidde Fall d'Démarche vun deene Gréngen hei verstanen. Mä ofgesinn elo dovunner, denken ech...

» **Une voix.**- Dat ass och souwisou scho vun der Regierung gemaach ginn.

» **M. le Président.**- Also, mir kommen elo definitiv zum Vote vun där Motioun hei. An ech ginn dovun aus, dass d'Regierung net invitéiert gëtt, de Projet zrëckzezéien. Loosse mer dann emol kucken.

**Vote**

Ech kann d'Regierung berouegen. Et sinn 39 Deputéierten, déi der Meenung sinn, dass d'Regierung net soll invitéiert ginn, dee Projet hei zrëckzezéien. Dee bleift also aktuell. Et sinn 13 Abstentiounen, bei 8 Jo-Stëmmen, déi gemengt hunn, e soll zrëckgezu ginn.

Ont voté oui: M. Lucien Weiler;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Emile Calmes et Henri Grethen (par M. Emile Calmes).

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Den Ordre du jour fir déi nächst Sitzunge gëtt lech schrëftlech zougestallt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 15.17 heures**)

## Sommaire des séances publiques

Communications	pages 290-291
5681 - Proposition de loi relative à la modification de la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention - Auteur: M. Henri Kox et	
5682 - Proposition de loi portant modification de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques - Auteur: M. Carlo Wagner ( <i>Déclarations de recevabilité</i> )	page 291
Ordre du jour	page 291
Hommage à M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, à l'occasion de son intronisation, en date du 12 mars 2007, en tant que membre associé étranger à l'Académie des Sciences morales et politiques de l'Institut de France	page 291
Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, à l'occasion du 50 <sup>e</sup> anniversaire de la signature du Traité de Rome, suivie d'un débat	pages 291-295
Dépôt d'une proposition de loi	page 295
Dépôt d'une motion par Monsieur Félix Braz	page 295
Question avec débat N°15 de Monsieur Roger Negri sur le renouvellement du Traité Benelux qui vient à échéance en 2010	page 296
Heure de questions au Gouvernement	
- Question parlementaire N°1597 du 6 mars 2007 de Monsieur Laurent Mosar relative au Projet américain d'installation d'un bouclier antimissiles en République tchèque et en Pologne, adressée à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration	pages 296-297
- Question N°162 du 12 mars 2007 de Monsieur Ben Fayot relative à la proposition des États-Unis d'installer un bouclier de défense antimissiles en Pologne et en Tchéquie, à la mise en œuvre par le CAG de l'article 11 du TUE sur la politique étrangère et de sécurité commune et au positionnement du Luxembourg à l'OTAN, adressée à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration	pages 296-297
- Question N°163 du 13 mars 2006 de Monsieur Charles Goerens relative à la prolongation du mandat de l'Observatoire des phénomènes racistes et xénophobes de l'UE par transformation en Agence des droits fondamentaux, adressée à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration et à Monsieur le Ministre de la Justice	page 297
- Question N°164 du 9 mars 2006 de Monsieur Roger Negri relative aux conclusions sur la politique énergétique et climatique retenues lors du Conseil européen des 8 et 9 mars 2007 et plus particulièrement sur les répercussions pour le Luxembourg, adressée à Monsieur le Ministre de l'Environnement	pages 297-298
- Question N°165 du 13 mars 2006 de Monsieur Claude Adam relative à la 3 <sup>e</sup> année du Certificat d'Études Pédagogiques dispensée pour la dernière fois par l'Université du Luxembourg durant l'année académique 2007/2008, adressée à Monsieur le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche	page 298
- Question N°166 du 13 mars 2007 de Monsieur Marco Schank relative aux procédures d'autorisation de décollage pour les hélicoptères de la Police grand-ducale et de l'Air Rescue à l'aéroport de Luxembourg, adressée à Monsieur le Ministre des Transports	page 298
- Question N°167 du 9 mars 2007 de Monsieur Robert Mehlen relative au mode d'approche des avions à l'aéroport de Luxembourg dans le contexte des nuisances sonores et environnementales, adressée à Monsieur le Ministre des Transports	pages 298-299
- Question N°168 du 12 mars 2007 de Monsieur Roland Schreiner relative à l'état actuel des négociations sur les conditions de travail auprès des CFL, adressée à Monsieur le Ministre des Transports	page 299
- Question N°170 du 13 mars 2007 de Monsieur Marc Spautz relative à l'introduction d'un abonnement «Seniorenkard» et en particulier de la mise en vigueur de cette nouvelle mesure qui a été acceptée à l'unanimité par la Commission tarifaire en date du 17 novembre 2005, adressée à Monsieur le Ministre des Transports	pages 299-300
- Question N°169 du 9 mars 2007 de Madame Anne Brasseur relative à la Charte du piéton de la section du parti socialiste de la Ville de Luxembourg, adressée à Monsieur le Ministre des Transports	page 300
Déclaration de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget	page 300
Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de la sécurité au Centre de détention de Schrassig	pages 300-304
Dépôt d'une proposition de loi	page 302

5700 - Proposition de loi portant réglementation du financement des partis politiques - Auteurs: MM. Marco Schank, Alex Bodry, Claude Meisch, François Bausch et Robert Mehlen	
5701 - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse - Auteur: Mme Lydie Err	page 304
Dépôt d'une proposition de loi et d'une motion par M. Aly Jaerling	pages 304-305
Dépôt d'une proposition de loi	page 305
Ordre du jour	page 305
Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de la problématique du suicide au Luxembourg et plus particulièrement au sujet du taux de suicide chez les jeunes	pages 305-308
3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1 <sup>er</sup> de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution	page 308
Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'abus de médicaments psychotropes chez les adultes et les jeunes en Europe et au Luxembourg	pages 308-311
Question urgente N°1607 de Mme Martine Stein-Mergen relative au remboursement du nouveau code de visite majorée en médecine générale (V8)	pages 311-312
Question avec débat N°14 de M. Claude Adam relative à l'introduction d'une filière en langue française pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire à l'École privée Notre-Dame dès la rentrée 2007-2008	page 312
5690 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés	page 312
Dépôt d'un projet de loi	page 313
5658 - Projet de loi portant modification des articles 271, 273bis, et 276 de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales	pages 313-314
4992 - Projet de loi modifiant 1. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales, 2. la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales, et 3. la loi du 25 août 2006 concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle - Second vote constitutionnel	page 314
Dépôt d'une motion par M. Henri Kox	pages 314-315
Motion de M. Félix Braz relative à l'inscription des Non-Luxembourgeois sur les listes électorales	page 315
Motion de M. Aly Jaerling relative à l'inscription dans la Constitution de la langue luxembourgeoise comme langue nationale	page 315
5639 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée	page 315
5613 - Projet de loi portant approbation du Septième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle, du Règlement général de l'Union postale universelle et de la Convention postale universelle et de son Protocole final ainsi que de l'Arrangement concernant les services de paiement de la poste, dans la version signée au Congrès postal universel de Bucarest, le 5 octobre 2004	pages 315-316
5648 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et la Bosnie et Herzégovine relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Sarajevo, le 19 juillet 2006	
et	
5649 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Gouvernements des États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et le Gouvernement macédonien relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier (Accord de réadmission) et de son Protocole d'application, signés à Voorburg, le 30 mai 2006	pages 316-317
Motion de M. Henri Kox concernant le projet de loi 4985 relatif aux chiens	pages 317-318